

- *l'identification électronique des chiens;*
- *une banque de données centralisée des chiens et de leurs propriétaires permettant un suivi en cas de problème;*
- *l'obligation pour les médecins et vétérinaires ainsi que pour les entraîneurs de chiens de signaler des morsures ou comportements agressifs de chiens;*
- *la réglementation des activités des entraîneurs de chiens;*
- *l'interdiction du dressage au mordant, sauf pour les services étatiques tels que l'Administration des douanes et accises, la Police grand-ducale et l'Armée grand-ducale.*

(s.) *Henri Kox, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Viviane Loschetter.*

» **M. le Président.**- Wann d'Chamber domat d'accord ass, vu dass den Här Kox elo den Detail vun där Motioun schonn exposéiert huet, denken ech kënne mer och direkt doriwwer ofstëmmen - wann d'Chamber domat d'accord ass?

(Interruptions)

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Den normale Wee ass den Dépôt vun der Motioun. Mir sinn d'accord, dass se direkt diskutéiert gëtt, mä da kritt den Här Kox awer seng Riedezeit.

» **M. le Président.**- Ah jo, gären.

Also, elo si mer bei der Motioun, déi den Här Braz déposéiert huet iwwert d'Campagne d'information iwwert d'Élections européennes.

6. Motion de M. Félix Braz relative à l'inscription des Non-Luxembourgeois sur les listes électorales

Ass nach eppes dozou ze soen?

(Interruptions)

Mir haten zum Deel gëschter schonn exposéiert, da wäert et haut schnell goen.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG), auteur.**- Just deen aneren Deel dann nach.

» **M. le Président.**- D'accord.

(Interruptions)

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG), auteur.**- Neen, just fir nach eng Kéier kuerz op de Contenu anzegoen. Mir wollten als gréng Fraktioun drop opmierksam maachen, dass an de leschte Jore ganz vill Efforten ënnerrholl gi sinn am Land, besonnesch um Niveau vun de Gemengen, awer och um Niveau vun der Regierung, fir d'Zuel vun den Aschreiwungen op de Wielerlëschte fir d'Gemengen- an d'Europawahlen no vir ze bréngen. Mir hu bei de Wahle vun 1993 respektiv 1999 ganz enttäuschtent Taux d'inscription nach kannt.

Mir hunn awer contrairement dozou bei den Europawahle vun 2004 a bei de Gemeengewahle vun 2005 däitlech verbessert Tauxë scho kannt. Déi louché bei plus/minus 10% vum Corps électoral bei de Gemeengewahlen. 10% waren Netlëtzebuerger. A bei den Europawahle louch deen Taux am Corps électoral bei plus/minus 5%, déi d'Netlëtzebuerger uitgemaach hunn.

Dat ass e Fortschrëtt, awer dat ass natierlech nach laang net an Equatioun mat deem, wat déi Leit an der Gesamtbevölkerung duerstellen, esou dass mer der Meinung sinn, dass een déi Effortë weider misst intensivéieren an onbedéngt virundreiwen.

Mir wëllen drop opmierksam maache mat dëser Motioun, dass d'Europawahlen 2009 bedeuten, dass se d'Clôture vun de Wielerlëschte schonn op den 31. Mäerz 2008 mat sech bréngen. Dat ass also ronn e Joer vun haut un, an dat ass ganz weineg Zäit.

A wann och d'Gemengewahlen nach e bësse méi wäit hannendru sinn, a mer do e bësse méi Zäit hunn, esou si mer awer der Meinung, dass een ab elo misst erëm eng Kéier déi Efforten op deen Niveau eropbréngen, dee mer déi lescht Jore kannt hunn, fir dass mer d'Zuel vun den Inscriptions och scho fir d'Europawahle vun 2009 op e wesentlech aneren Niveau géifen eropgehewe kréien.

Well ech erënnern nach eng Kéier drun, si leien am Moment bei knapps nëmme 5% vum Corps électoral, obwuel d'Unionsbürger zu Lëtzebuerg bal 35% vun der Bevölkerung ausmaachen, also ronn nëmmen e Siwentel iwwerhaapt dorunner bis elo participéiert huet. Dat ass de Sënn vun där doter Motioun.

Mir sinn eis och bewosst, dass et eng Proposition de loi gëtt vun der Kolleeigin Lydie Err an och vum Kolleeg Ben Fayot - et ass eng Proposition vun zwee Deputéierten -, déi d'Absicht verfolgegt, déi mir och ënnerstëtzen, dass mer deen Délai vun der Clôture vun de Wielerlëschte virun de Wahlen domadder wëllen däitlech verkierzen, dass also déi Wielerlëschte vill méi spéit eréischt wäerten zougemaach ginn.

Elo ass et awer esou, dass déi Proposition de loi nach net duerch ass, mä dass mer am Moment nach ëmmer déi bestehend Gesetzgebung hunn, an et och kaum wäert sinn, dass mer déi Gesetzgebung wäerten an den nächste Woche scho kënne evakuieren. Sou dass mer der Meinung sinn, dass et onbedéngt noutwendeg ass, dat ze maachen, wat mer haut kënne maachen an domadder och solle maachen, nämlech eng zumindest grouss ugeluechten Informationscampagne vun der Regierung hei als Chamber unzestoussen.

Ech géif lech bieden, déi Motioun mat ze ënnerstëtzen. Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Braz. Mir kommen dann zur Ofstëmmung.

Vote

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Wien ass d'accord? Voilà, dann ass déi Motioun eestëmmeg ugehall.

Dann d'Motioun vum Här Jaerling iwwert d'Verankerung vun der Lëtzebuerger Sprooch. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

7. Motion de M. Aly Jaerling relative à l'inscription dans la Constitution de la langue luxembourgeoise comme langue nationale

» **M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur.**- Merci, Här President. Lëtzebuerg ass dat eenzegt Grënnerland vun der Europäescher Union, deem seng national Sprooch nach net op der Lëscht vun den europäesche Sproochen ageschriwwen ass, an dat ass am Fong de But vu menger Motioun, dass, nodeem dass mer eis Nationalsprooch och an eiser Verfassung verankert hunn, d'Lëtzebuerger Regierung soll bei den europäeschen Instanzen drop awierken, fir dass d'Lëtzebuerger Sprooch och als eis Nationalsprooch an Europa unerkannt gëtt.

Dat wëllt awer net heeschen - ech wëll dat och hei kloerstellen -, dass domadder verbonnen elo muss all Text op Lëtzebuergesch iwwersat ginn, wat, géif ech och soen, net noutwendeg ass, well mer jo schonn zwou europäesch Sproochen an eisem administrative Beräich hunn.

Mä et geet hei einfach just ëm d'Unerkennung vun eiser Sprooch als Lëtzebuerger Sprooch, a fir déi och an déi Lëscht eranzekréien. Ech mengen, dat ass de But vun dëser Motioun. An ech wär frou, wann d'Chamber mech hei géif dobäi ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.**- Gutt. Da komme mer zum Vote vun där Motioun.

Vote

Kënne mer och do par main levée ofstëmmen?

» **Une voix.**- Et si jo keng Ënnerschrëften drop.

(Interruptions)

» **M. le Président.**- Ah jo.

» **Une autre voix.**- Dann hätt se iwwerhaapt net dierfe presentéiert ginn.

» **M. le Président.**- Ech mengen zwar, dass se ka presentéiert ginn.

» **Une autre voix.**- D'Zäit leeft!

» **M. le Président.**- Mä, Här Jaerling, de Moment ass eréischt eng Ënnerschrëft hei op där Motioun. Sinn aner Kolleeigen heibannen, déi déi Motioun wëllen ënnerstëtzen?

(Négation)

Gutt, ech gesinn, dass dat net de Fall ass. Deementspreechend ass d'Motioun net recevabel. Da brauche mer och net driwwer ofzestëmmen.

Da komme mer zum nächste Projet de loi. Dat ass de 5639 iwwert d'TVA. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Norbert Hauptert.



8. 5639 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» **M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, de Projet 5639 gesäit am Fong geholl nëmmen d'Verlängerung vum Délai d'application vum Gesetz vum 1. Juli 2003 vir, deen den 1. Juli 2006 ofgelaf ass. D'Gesetz vum 1. Juli 2003 huet eng europäesch Direktiv iwwert d'Erhiewe vun der TVA op de Servicer vun der Televisioun a vum Radio an iwwer verschidden elektronesch Dëngschtleeschungen ëmgesat. Ech ginn net méi op déi Dispositiounen vun där Direktiv an, well mer déi beim Gesetz vum 1. Juli 2003 hei en long et en large diskutéiert hunn.

Déi Direktiv huet am Fong geholl virgesinn, dass d'Applikation vun där Direktiv nëmme sollt während dräi Joer a Kraaft trieden. Wat dann der Kommissioun d'Méiglechkeet ginn hätt, fir d'Auswierkunge vun der Direktiv ze studéieren an dann eng Proposition ze maachen, entweder fir d'Direktiv ze verlängeren oder eng nei Direktiv ze proposéieren.

De Rapport vun der Kommissioun ass am Juni vum leschte Joer dem Conseil virgeluecht ginn, an et ass eng nei Proposition de directive gemaach ginn, fir einfach d'Applikation ëm eng gewëssen Zäit ze verlängeren. Am Ufank war déi Verlängerung op den 31. Dezember 2006 virgesinn, an eng spéider Direktiv, déi am Dezember geholl ginn ass, huet den Délai op den 31. Dezember 2008 verlängert.

Et war eis net méiglech, fir déi Direktiv, déi den 28. Juni geholl ginn ass, virum 1. Juli hei ëmzesetzen, a mathin ass dat Gesetz vum 1. Juli 2003 den 1. Juli 2006 ausser Kraaft getrueden. Et war also net méiglech, fir se duerch een eenzeg Artikel, dat heescht d'Prolongation vun deem Délai vun deem Gesetz, einfach esou ëmzesetzen. Dofir sinn am Fong geholl d'Dispositiounen vum Gesetz vun 2003 komplett an dësem Projet mat iwwerholl ginn. A wéi gesot, vu dass mer dat deemools diskutéiert hunn, dispenséieren ech lech vun deenen Detailer.

De Conseil d'État huet en Avis favorable zu deem Gesetz hei ginn. Hien huet awer virgeschloen, fir dës Kéier keng temporär Applikation virzegesinn, fir dass mer net méi erëm an dëselwecht Situatioun kommen, virun d'Alternativ gestallt ze ginn, fir entweder d'Gesetz ze prorogéieren oder, wéi dës Kéier, een neit Gesetz ze schreiwen. Wann also erëm eng Kéier eng Verlängerung géif virgesi ginn, da bleift dëst Gesetz bestoen, a wann eng nei Direktiv kënnt, gëtt d'Gesetz souwisou duerch d'Ëmsetzung vun där neier Direktiv ofgeschafft.

D'Chambre de Commerce huet am Fong geholl d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv begreisst, well se mat sech bruecht huet, dass eng Rei vu ganz groussen internationalen Dëngschtleeschungsfirmer, déi am Beräich vun den elektronische Servicer operéieren, hei op Lëtzebuerg komm sinn, wat sech positiv an de Recettë vun den TVA hei bei eis niddergeschloen huet. D'Kommissioun huet mäi Rapport och de 27. Februar unanime ugehall, a si proposéiert den Text esou wéi e virläit hei ze stëmmen. Ech bréngen och domadder den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Hauptert. Wann all déi aner Fraktiounen och domadder d'accord sinn, da géif ech dem Här Hauptert wëllen als Rapporteur Merci soen, an ech géif lech invitéieren, de Projet elo ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5639 ass mat 56 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstention ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf,

Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

De Projet de loi 5613, en Zousazprotokoll vun der Union postale universelle. Rapporteur ass hei den honorabelen Här Maroldt. Hien huet elo d'Wuert, an all déi aner si gebieden dem Rapporteur nozelauschteren.

9. 5613 - Projet de loi portant approbation du Septième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle, du Règlement général de l'Union postale universelle et de la Convention postale universelle et de son Protocole final ainsi que de l'Arrangement concernant les services de paiement de la poste, dans la version signée au Congrès postal universel de Bucarest, le 5 octobre 2004

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

» **M. François Maroldt (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, de virleiende Projet ass den 20. September 2006 vum Ausseminister, dem Här Jean Asselborn, an der Chamber depouéiert ginn. Den Text ass den 22. Dezember 2006 vum Statsrot aviséiert ginn. An der Kommissiounssitzung vum 28. Februar 2007 huet d'Kommissioun hire Rapporteur designéiert an den Text zesumme mam Avis vum Statsrot analyséiert. De schrëftleche Rapport ass an der Sitzung vum 9. Mäerz ugehall ginn.

De virleiende Projet huet un eischter Plaz als Objet eng Rei vun Amendementer, déi als Resultat beim leschte Kongress vun der Union postale universelle, UPU, zu Bukarest am Hierscht 2004 erauskomm sinn. Den 23. Kongress huet virun allem versicht den internationale Postservice aus technescher, mä och aus präispolitescher Siicht ze reglementéieren.

Ech wëll just op déi wichtegst Punkten agoen:

- D'Kreatioun vun engem Comité consultatif: D'UPU gëtt aneren Acteuren, déi net aus dem Secteur public kommen, d'Geleeënheet, sech an d'Délibérationen vun der Organisation mat anzubannen an hir Meinung auszedrécken.

- Eng Definition vum Cachet postal électronique: Eng Rei vu Länner wéi Kanada, d'Vereenegt Staten, Frankräich, Italien, Portugal a Schweden hunn hei eng Virreiderroll gespillt. De Cachet postal électronique ass elo zu Bukarest als neie fakulta-

tive Service unerkannt ginn, wat an Zukunft déi international Zesummenaarbecht op dësem Gebitt wäert assuréieren.

- D'Verschécke vu Mécke mat der Post...

(Hilarité)

...zu wëssenschaftlechen Zwecker gëtt erlaabt. Si gi benotzt virun allem an der Recherche géint Alzheimer, Parkinson, Häerzkrankheeten a verschidde Forme vu Kriibs.

- Eng revidéiert Versioun vum Bezuelungssystem, wat den internationale Courier betrëfft. Et gouf versicht de Kompensatiounssystem méi enk un d'Konditiounen vun den eenzelne Länner unzepassen. De Coût réel sollt och besser reflektéiert ginn.

- Zu gudder Lescht: Et gouf och Bilan gezunn iwwert de Fonds pour l'Amélioration de la Qualité de Service, FAQS, deen 1999 beim Kongress zu Peking geschaf gouf. Mat grousser Satisfaktioun ass festgestallt ginn, datt mat senger Hëllef 279 Projeten, déi zur Verbesserung vum Postservice an den Entwécklungslänner bäigedroen hunn, finanzéiert gi sinn.

De Statsrot gëtt säin Accord de principe, mä freet sech, ob den Artikel 22, dee sech mat de Services de paiement befaasst, net eng Gefor fir d'Bankgeheimnis kéint duerstellen. D'Kommissioun dergéint huet festgestallt, dass den Artikel 22 quasi Lettre morte ass, well e scho längst net méi ugewannt ginn ass. A wann dëst de Fall sollt sinn, da misst d'Entreprise des Postes et Télécommunications an hirer Qualitéit als Professionellen aus dem Finanzsektor sech strikt un d'Gesetz vun 1993 iwwert d'Finanzplaz halen, an deem och d'Bankgeheimnis festgehalten ass.

Wat d'Form ubelaangt, huet de Statsrot drop

higewisen, datt hien eng kloer Trennung wënscht tëschent den Texter, déi formell mussen approvéiert ginn, an deenen, déi just als Bäilag zum Dossier gëllen. D'Kommissioun ass do anerer Meinung, well hir vill un der Liesbarkeet vum Dokument läit.

Zu gudder Lescht proposéiert de Statsrot e puer Modifikatiounen fir den Intitulé an de Libellé. Dës Proposition vum Statsrot gouf eestëmmeg vun der Chamberskommissioun ugeholl.

Här President, ech denken, ech hätt a mengem virleefeg leschte Rapport an dësem Haus déi wichtegst Aspekter vun dësem Gesetzesprojekt duergeluecht.

(Interruptions)

Dësé Projet huet an der Kommissioun zu kenge gréissere politesche Verwerfungen gefouert. Duerfir géif ech lech bieden, dësem Projet Är Zoustëmmung ze ginn, esou wéi dat d'CSV-Fraktioun mat hirem Accord vormécht.

Ech soen lech Merci fir d'Opmierksamkeet.

» Plusieure voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Rapporteur Maroldt. Den Här Minister huet d'Wuert gefrot.

» M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Här President, ech wollt deene sukzessive Rapporteur vum de Mëtteg och vu Regierungssäit Merci soen. Ech hat déi Chance nach net bis elo. Ech géif et awer besonnesch wëllen, och am Numm vun der Regierung, maachen, fir den Här Deputéierte Maroldt an him och zugläich am Numm vun der Regierung alles Guddes wënschen op senger nächster professioneller Etapp.

Merci.

» M. le Président.- D'Chamber schléisst sech deene gudde Wësch, déi d'Regierung un d'Adress vum Här Maroldt gericht huet, selbstverständlech un. Och

mir wënschen him alles Guddes a senger zukünfteger Carrière.

Dir Dammen an Dir Härën, mir kommen dann elo zum Vote iwwert de Projet 5613.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5613 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et also esou décidéiert.

D'Projet 5648 a 5649 sinn zwee Accorden tëschent de Benelux-Länner mat Bosnien-Herzegowina a mat Mazedonien iwwert d'Readmissioun vun deene Persounen, deenen hir Openthaltskonditiounen net regulariséiert sinn. Béid Projekte ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen zwee Projeten. Dat ass den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

10. 5648 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et la Bosnie et Herzégovine relatif à la reprise et à la réadmission des personnes en situation irrégulière (Accord de reprise et de réadmission) et de son Protocole d'application, signés à Sarajevo, le 19 juillet 2006

5649 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les Gouvernements des États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et le Gouvernement macédonien relatif à



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV
weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)

Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29

An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32

An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng um
Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz